N°785
Entrée le 24.05.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 24.05.2024

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 23/05/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kultur weiderzeleeden.**

Den Nationalsozialismus hat ee Gesellschaftsmodell vun Haass, Jalousie an Ausschléissung ausgelieft an domadder ville Mënschen während iwwert engem Jorzéngt vill Leed ugedoen, déi als Verbriechen géint Mënschheet an der Geschicht festgehale goufen. Dofir ass et wichteg, dass eist Land verschidden Evenementer reegelméisseg commemoréiert, fir dass d'Affer vun dëse Verbriechen ni vergiess ginn.

91 Lëtzebuerger Zwanksrekrutéiert goufen am Konzentratiounslager Sonnenburg a Polen ëmbruecht. An dësem Lager houng eng schwéier Paart aus Eisen mat der Opschrëft „PAX“. Lénks war eng Plaque mat der Muttergottes a riets eise Staatswopen. Dës Paart gouf nom Krich vun de Lëtzebuerger gestëft a vill Leit identifizéieren sech nach haut domadder.

Leider hänkt déi Paart zanter e puer Joer net méi an der Entrée vum Lager. Si befënnt sech an enger Fosse am lokale Pompjeesbau.

An deem Zesummenhang wéilte mir dem Minister dës Froe stellen:

1. Wat gedenkt d'Regierung z'ënnerhuelen, fir dass dës Paart, déi vun de Lëtzebuerger gestëfft ginn ass, nees op hir Plaz am Lager Sonneburg kënnt? A wéi engem Zäitraum wäert dëst passéieren?
2. Wat waren d'Grënn, dass d'Paart an der Entrée vum Sonnenlager iwwerhaapt démontéiert ginn ass?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

POLIDORI Ben
Deputéierten